ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Ewéi et an engem offiziellen Avis vum Landwirtschaftsministère heescht, gouf den 8. September d'Optrieden zu Lëtzebuerg vum Virus vun der sougenannter Blauzungen-Krankheet (fièvre catarrhale ovine) bei de Wiederkäuer (betraff si Ranner, Schof a Geessen) offiziell vun engem Labo confirméiert. Bei de Ranner muss ee wëssen, datt Lëtzebuerg selwer keng Mäschterei vu Kaalwer bedreift, mee d'Béischten an d'Ausland transferéiert, fir si do mäschten a schluechten ze loossen. Wann e Lëtzebuerger Bauer nom Optriede vun der Blauzungen-Krankheet nach Kaalwer un d'Ausland liwwere wëll, muss bei all Kallef eng individuell Bluttprouf duerchgefouert ginn – eng Mesure, déi natierlech mat engem finanziellen a logisteschen Opwand verbonnen ass. D'Kaalwer mussen dann och, ier si exportéiert kënne ginn, Minimum 48 Stonnen an engem centre de rassemblement verbréngen, ier d'Resultat vun der Bluttprouf bekannt gëtt.

E weidere graven Ëmstand am Zesummenhank mat der Blauzungen-Krankheet besteet doran, datt den Zuuchtvéi-Handel komplett agebrach ass, well d'Ausland keng Ranner aus Lëtzebuerger Haltung méi unhëlt. Et ass an deem Zesummenhank leider eng traureg Sécherheet, datt an den nächsten dräi Méint keen Zuuchtvéi méi vu Lëtzebuerg an d'Ausland kann exportéiert ginn. Dësen Ëmstand ass ëmsou méi onglécklech, well d'Baueren elo an enger Phas sinn, wou si – och bedéngt duerch déi ongewéinlech Dréchent vun dësem Joer – hirt Véi erëm vun de Felder an de Stall huelen, well d'Fudder-Reserven opgebraucht sinn.

An deem Zesummenhank hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Gedenkt den Här Minister déi vun der Blauzungen-Krankheet betraffen Acteuren aus dem landwirtschaftleche Beräich finanziell ze ënnerstëtzen, fir datt si dës schlëmm Kris kënne meeschteren?
2. Wa jo, wéi soll dës Ënnerstëtzung konkret ausgesinn an a wéi engem zäitleche Kader kënnen d'Bauere mat där Ënnerstëtzung rechnen?

3. Ass zu all Moment séchergestallt, datt an de centres de rassemblement, wou d'Véi jo Minimum 48 Stonnen agepfercht ass, bestoend Déiereschutz-Reegelunge kënnen agehale ginn? Wa jo, wéi gëtt dëst genee kontrolléiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742